

Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Emile Calmes), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4876. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

5. Projet de loi 4876 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un centre écologique et touristique dans l'intérêt de l'aménagement du Parc de Hosingen (Phase 2)

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Geschicht vum Housener Park léisst sech bis an d'80er Joren zrëckverfollegen.

(Interruption)

Här Rippinger, Dir kënnt lech berouegen, ech maachen net méi esou den Detail vum dem Historik, well ech hat gesinn, dass Dir schonn déi leschte Kéier hei um Stull gefréckelt hat an dofir maachen ech et elo e bësse méi kuerz.

1985 hat de Stat den Terrain vum fréieren Housener Park fir eng Zomm vu 70 Milliounen Frang opkaaft. E Grupp

vu Fonctionnaires hat sech doropshi Gedanken gemaach iwwert déi zukünfteg Ausrichtung vum Housener Park.

An dëser Bestandsopnam si véier grouss Voleten zrëckbehale ginn. Et sollt e Centre écologique, sportif, touristique an d'Activités pour jeunes am Areal vum Housener Wëldpark entstoën. An enger Réunioun vum 7. Oktober 1987 waren deemno folgend Beräicher fir den neien Zentrum a Betruecht gezu ginn:

- Den Tourismus mat engem regionalen, nationalen an internationale Centre d'accueil touristique.

- Kultur an Ekologie mat Animatioun a Formatioun am Kader vun enger Maison de l'Oesling.

- D'Jugend mat engem Jugendzentrum fir den Norden.

- De Sport mat engem Sportszentrum fir déi lokal a regional Bedürfnisser vum SYSPOLO, dee Gemengesyndikat an deem d'Gemenge Pëtscht, Konstern, Houschent an Housen zesummegegloss sinn. Dëse Sportszentrum soll och en nationale Charakter kréien.

Duerch d'Gesetz vum 13. Juli 1989 ass dunn den Etablissement public "Parc Hosingen" entstanen.

An de Gesetzesprojet 3611 sinn lwwerleeungen aus dem ministeriellen Aarbechtsgrupp gréisstendeels mat agefloss, ausser dass déi zwou Sportshalen duerch eng eenzeg multifunktionell Hal ersat gi sinn. Am Hotelsdeel gouf d'Zuel vun den Zëmmeren erofgesat an op den Aussichtsturm gouf verzicht, woumat eng net onwesentlech Zomm konnt agespuert ginn. D'Gesamtzomm vum Projet huet sech deemools op 680 Milliounen Frang belaf.

Ier ech op de Gesetzesprojet 4876 iwwert déi budgetär Adaptatioun vum de Bauaarbechten am Housener Park wëll agoen, wollt ech op e Sachverhalt hiweisen, mat deem d'Bautekommissioun an och d'Chamber schonn en entlech Kéiere befaasst gi sinn. Et geet ëm déi budgetär Dépassementer bei Bauprojekten. Et gëtt dräi Ursaachen, firwat et zu esou zousätzleche Käschten ka kommen.

Déi éischt Ursaach betrëfft eng Sous-évaluatioun vun de Konstruktionskäschten. D'Auteurs, dat heescht de Bauministère an d'Bauverwaltung, si meeschtens drëm beméit, dës Käschten op engem déiweilen Niveau ze halen. Et stellt sech dann awer en cours de route eraus, dass net genuch finanziell Moyene virgesi sinn an dass d'Acteurs, déi um Bau vum Projet bedeelegt sinn, d'Approche, fir spuersam ze sinn, oft net deelen.

Als zweet Ursaach sinn déi technologesch Entwécklungen unzeféieren, déi selbstverständlech während de Bauaarbechten un engem Projet hire Laf huelen. Esou kann et zu där enger oder anerer Émänerung kommen, well de Bauplang deenen techneschen Entwécklungen Rechnung dréit. Dobäi kommen dann och Sécherheetsbestëmungen, déi oftmoools ganz nei Systemer verlaangen a wou de Käschtepunkt dann och an d'Luucht geet.

Als drëtte Facteur, deen eng budgetär Adaptatioun ka mat sech bréngen, sinn Ännerungen, déi am Laf vun de Bauaarbechten antrieden, well d'Besoine vun deenen eenzelnen Acteure während der Bauphas changéiert hunn.

Dës dräi Facteure stellen de Kontext duer vun deem Projet, deen den 3. Dezember 2001 an der Chamber deponéiert gouf, mä schonn an der Kommissiounssitzung vum 22. November 2001 gouf de Projet analyséiert an de Rapporteur bestëmmt. Den Avis vum Statsrot, datéiert vum 11. Dezember 2001, ass de 17. Januar 2002 agaangen an d'Kommissioun huet de Rapport den 31. Januar 2002 diskutéiert an adoptéiert.

Firwat sinn dës budgetär Adaptatiounen elo noutwendeg? Beim Vote vun dem Gesetz, den 29. Juli 1993, hat ech gesot, dass ronn 680 Milliounen virgesi waren, wat enger Zomm vu 16,86 Milliounen Euro entsprécht. Dës Projet ass an zwou Phasen agedeelt ginn. Déi éischt Phas huet sech op de Bau vun enger Primärschoul, enger Spillschoul an enger Sportshal bezunn. An enger zweeter Phas soll de Centre écologique et touristique entstoën.

D'Aarbechte vun der éischter Phas sinn ofgeschloss a fir déi zweet Phas stellt sech elo eraus, dass de Budget alles an allem net duerheet. Et gouf sech beméit, fir dee Käschtepunkt ze reduzéieren an eng Léisung um architektonesche Plang ze fanne fir de Bau vum Centre écologique et touristique, deen aus dräi Gebaier elo wäert bestoen. Virgesi war fir d'éischt, dass dat Gebai sollt kreesförmig gebaut ginn, esou wéi d'Schoul elo do steet.

An deem éischte vun deenen dräi Gebaier ass e Réfectoire mat enger Kiche virgesinn. An deem nächsten eng Salle polyvalente um Rez-de-chaussée a véier Klassesäll mat um éischte Stack Büroe fir d'Éislekerhaus. Dann nach eng Auberge mat 56 Better, wou och eng Wunneng fir de Portier integréiert ass. An deem éischte Projet war dës Wunneng net virgesinn.

D'Käschten, déi dës Léisung mat sech bréngt, belafen sech op 2,1 Milliounen Euro, 85 Milliounen Frang, Käschten, déi sech elo net méi reduzéiere loosse, well soss d'Bauaarbechten an de Fonctionnement vum Centre a Gefor wäeren.

Ech wëll awer och nach betounen, dass virgesinn ass, d'Gestioun vum Site, dat heescht de Parc, de Restaurant an d'Auberge, der APEMH, der Association des parents d'enfants mentalement handicapés, ze iwwerginn. Fir dës Gestioun awer op eng adequat an appropriéiert Aart a Weis kënnen ze maachen, brauch d'APEMH Raimlechkeete wéi een Openthaltsraum, Vestiaires an Ateliers. Iwwert d'Finanzéierung vun dësen Raimlechkeeten muss awer nach eng Kéier diskutéiert ginn.

Ech wëll dann och nach op d'Bedenke vum Statsrot agoen, deen hofft, dass dës déi lescht Adaptatiounen vun deem Projet sinn, an am Fall wou nach erëm zousätzlech

budgetär Mëttele missten zur Verfügung gestallt ginn, dat dann iwwer e weidert Gesetz misst goen. Alles an allem gëtt de Statsrot awer e positiven Avis of.

De Projet kascht 2,1 Milliounen Euro, 85 Milliounen Frang, an dat beim Indice semestriel des prix à la construction vum 1. Abrëll 2001. Dës Käschte lafen iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs.

Fir weider Prezisiounen, Här Rippinger, géif ech soen, sollt een den Exposé des motifs, d'Fiche financière an d'Pläng kontrolléieren. Do kënnt Dir déi eenzel Detailler nokucken. An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet an hoffen, dass Dir en all stëmmt.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Georges Wohlfart als éischten Diskussionsriedner.

Discussion générale

M. Georges Wohlfart (LSAP).- Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4876 iwwer eng budgetär Adaptatioun vun der zweeter Phas vum Parc Housen beschäftegt eis haut de Mëtteg. De Rapporteur huet drun erënnert, dass et d'Gesetz ass vum 29. Juli 1993, mat enger Gesamtenveloppe vu 680 Milliounen oder 16,8 Milliounen Euro, deen dee Projet hei charakteriséiert. En huet och drop higewisen, dass deemools decidéiert ginn ass, an zwou Phasen ze bauen. Dat Éischt ass d'Primärschoul an de Préscolaire plus den Hall sportif, an dat Zweet wier dann de Centre écologique an touristique.

Ech wëll just ee Wuert soen - ouni hei d'Diskussioun onnëtz ze verlängeren - iwwert den Historique. Opkaf hu mer am Joer 1985 an dunn hu mer, wann ech a mengem Jargon bleiwen däerf, als Stat awer eng Rei Jore gedoktert, fir iwwerhaapt e Konzept op d'Been ze stellen, wat mat deem Areal geschéie sollt. Ech géif soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, glécklecherweis hunn d'Gemengen aus dem SYSPOLO, Housen, Houschent, Pëtscht a Konstem, doduerch dass se sech zesummegeesat hunn an eng regional Schoul an d'A gefaast hunn, am Fong de Projet gerett. Esou ass et nämlech zu enger Symbiose komm, tëschent deem, wat de Stat baue wollt, an deem, wat d'Gemeenge baue wollten. Dat huet, mengen ech, dozou gefouert, dass mer dovunner ausgoe kënnen, datt an Zukunft eng optimal Notzung vun deenen Infrastrukturen, déi mer do histellen a bauen, an déi och vill Sue kaschten, garantéiert ass. Op där enger Säit dréit de Schoulsystem während der Woch zur Benotzung bäi, a während de Weekender, de Congéien an de grouse Vakanzen kënnt op där anerer Säit deen anere Volet méi zum Virschäin, deen och vun den Infrastrukturen vun der Gemeinde profitéiere kann.

Et muss een och haut d'Fro stellen, ob et ganz glécklech war, e Projet vu 680 Milliounen an zwou Phasen opze-

deelen. Mir hunn haut de Mëtteg Projeten décidéiert, déi vill méi deier sinn. Mir maachen elo eng Extensioun vun der Cour de justice vu 15 Milliarden, wou kee Mënsch drun denkt, dat a Phasen opzedeelen. Ech sinn der Meenung, wa mer deemools de Courage gehat hätten direkt vun 1993 un ze soen, dass et ee Projet vu 680 Milliounen ass, mer dee Projet scho laang ënner Dach und Fach hätten. Mir missten haut de Mëtteg net hei sëtzen, fir hei déi budgetär Mëttel zur Verfügung ze stellen, déi mer brauchen, fir déi zweet Phas realiséieren ze kënnen. Dat ass meng éierlech Meenung.

(Interruption)

Maja, mä do ware Leit an ënner anerem och leider aus Ärer Fraktioun, Här Rippinger, déi anerer Meenung waren. Ech respektéieren dat och. Ech hu just gesot ...

(Interruption)

Ah, Dir hat näischt ze soen. Mä wann Der ons ... Majo, ech mengen, et ass ganz kloer, dass ech jo nach ëmmer där Meenung do sinn, och wann et deemools décidéiert ginn ass. Ech mengen, et ass ni ze spët fir op eng Décisioun zrëckzekommen. Ech soen haut, dass, wa mer deemools de Courage gehat hätten, dat an enger Phas ze maachen, mir haut de Mëtteg net hei stoe géifen. Dozou stinn ech; egal, wat do aner Leit dozou denken.

Ech géif och soen, dass et sécherlech vun Interesse wier, dass mer schnell virukommen. Ech mengen och d'Mme Minister hat och hiert dozou bäigedroen, fir schnell kënnen virunzekommen. Ech wëll just drun erënneren, dass an enger Question parlementaire de Rapporteur vun haut de Mëtteg - oder war et den Här Schank - gefrot hat, wéini déi zweet Phas dann ulafe géif. Deemools si mer alleguer dovun ausgang, dass dat d'lescht Joer am Fréijoer de Fall gewiescht wier. Et ass anescht gelaf. Ech maachen dofir kengem e Virwurf. Et ass nëmmen e Constat. Nach eng Kéier: An enger Phas wiere mer laang iwwer déi Saach eraus.

Ech wëll just eppes soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Kolleegeinnen a Kolleegeen, déi nach net esou laang dobäi sinn. Ech wëll soen, wat déi éischt Phas mat sech bruecht huet. Dat ass nämlech ganz positiv. Et ass net nëmmen de regionale Charakter vun eise Schoulen, wat wierklech mat enger Dynamik vun de périscolairen Aktivitéite verbonden ass, déi landeswäit hiresgläiche sicht. An deene leschte Jore sinn Aktivitéite vun den Elterevereenegunge gemaach ginn, zum Beispill de Maislabyrinth, deen an der Zwëschenzäit wäit iwwert d'Grenze vum Éislek bekannt ass. Dausende Leit kommen dat kucken. Dat sinn Aktivitéiten, déi nëmme méiglech waren, well mer als Gemengen zesumme-geschafft hunn a well d'Kanner aus dem Naturpark Housen eng Unitéit bilden. Dat wierkt sech och sécherlech positiv op d'Sportsaktivitéiten do uewen aus. Och géif ech als Modell an als beispillhaft ervirsträichen, wéi den Horaire vun de Schoulstonnen ass. Dat ass e

Projet-pilote gewiescht, wou just moies Schoul gehale gëtt. Dat ass eng gutt Saach, well et évitéiert, dass mer d'Kanner ze laang am Bus hunn, quitte dass ee weess, dass déi véier Gemengenzentren sechs Kilometer nëmmen ongeféier vum Zentrum vum Park Housen ewechleien.

Et huet awer och en iwwerregionale Charakter fir de ganzen Norden, andeem deen Deel vum Hall sportif, dee fir Turner virgesinn ass, net nëmmen den Elitenturner aus der Housener Géigend, mä dem Nowuess aus dem ganzen Norden, wat d'Turnen ugeet, do optimal Trainingsméiglechkeete gëtt an esou laang Déplace-menter an den INS op Lëtzebuerg verhënnert kënnen ginn.

Den zweeten Deel vum Ausbau, dee mer lo hei diskutéieren, den ekologeschen an touristeschen Zentrum, soll am Fong geholl sou schnell wéi méiglech realiséiert ginn, well mer och dovu profitéiere kënnen, fir an Zukunft Stagen ze erméiglechen, fir Schoull-klassen, Fédératiounen, Sportscluppen an och aner Vereenegungen. Ech mengen, dass eng optimal Aus-nutzung garantéiert ass. Wat de Projet de loi ugeet, den ëmmodelléierten, sou ass dee jo lo am Detail vum honorablen Här Nico Loes virgestallt ginn, deem ech fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci soen,

Ech weess nach net richtig, wéi den touristeschen Element an dat Haus mat afléisse soll. Ech kéint mer virstellen, dass et e Point d'entrée fir d'Uerdall kéint sinn, ouni de Parcours vu Synergieë mat aneren Aktivitéiten, déi och am Raum vum Klierfer Kanton an deem Sënn entwéckelt ginn an duerch déi den Tourist d'Méiglech-keet huet, Informatiounen iwwer déi Aktivitéiten ze kréien. Dofir ass et menger Meenung no wichteg, wa mer dat Ganzt optimal notze wëllen, dass mer eng permanent Aktivitéit an eng permanent Aminatioun do kréien. Sou eleng ass et méiglech, dass mer versichen, d'Infrastrukturen, déi jo awer Geld kaschten, an och den Ënnerhalt, sou wirtschaftlech wéi méiglech ze gestalten.

Ech hunn och e Wonsch ëmmer an deem Zesummenhang geäussert, dat ass, dass, wa mer vum Environnement an dem ganze Volet Ekologie schwätzen, mir och vläicht drun denke sollten, ob een déi Infrastruktur, wou mer jo och Iwwernuechtungsméiglechkeete fir 56 Leit schafen, net och notze kéint fir och Problemer vun der drëtter Welt do de Schoullklassen op eng pragmatesch, praktesch Aart a Weis virzeféieren. Ech mengen nämlech och, dass ee vun den Hauptproblemer vun den Drëttwältlänner deen ass vun der Ekologie a vum Ëmweltschutz, mat alle Komponenten, déi domat zesummenhänken. Wa mer en ekologeschen Zentrum maache wëllen, da wier et net abwegig, a mengen Aen, och do de Kanner op eng plastesch Aart a Weis d'Problematik vun der drëtter Welt an dem Ëmweltschutz an der drëtter Welt virzeféieren. Bon, dat si vläicht fromm Wënsch mengersäits.

E lescht Wuert, Mme Minister, zu der Gestiou. Ech si perséinlech frou, dass et méiglech ass, dass d'APEMH, vun

där mer jo och herno nach e ganz interessante Projet diskutéiere wäerten, mat der Gestiou vum Park, vum Restaurant a vum Jugendhotel beopdragt soll ginn. Ech fannen dat eng gutt Iddi, well et méiglech gëtt, d'Aktivitéite vun der Associatioun am Norden auszubauen an enger Rei handicapéierte Jugendlecher, handicapéierten Erwuessenen an och eelere Leit, déi net méi an en normalen Aarbechtsprozess integréiert kënnen ginn, Aarbechtsplazen unzebidden. Et bleift eng Fro offen, an zwar déi vun den neien Infrastrukturen, déi dofir geschafe musse ginn. Ech wollt d'Mme Minister froen, ob si der Meinung ass, dass een do, wat d'Infrastruktur an d'Finanzéierung ugeet, op deselwechte Wee goe kann, wéi bei deem Projet, dee mer herno hei diskutéiere wäerten.

Ech bréngen lech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech och de Félicitatiounen an den Dankeswierder vu menge Virriedner uschléissen un deen éischte Rapporteur, wéi och un deen zweete Rapporteur. Deen zweeten, mengen ech, kennt virun allem d'Situatioun besser. Hie kennt deen Eck am beschten an ech mengen e war deemools och schonn an der Regierung, wéi dee Projet 1993 hei gestëmmt ginn ass. Dee Projet, wéi richteg gesot ginn ass, geet op eng Faillite zréck, déi 1985 gesprach ginn ass. D'Delphinen hunn deemools do uewen am Housener Park ënner erbärmlechen Émstänn schwamme mussen, soudass de Stat huet agräifen an déi 70 Milliounen decke mussen, mat deenen dee Betrib do bei enger Lëtzebuerger Bank an der Kräid stung. Ech wëll net un déi Situatioun erënneren, déi mer deemools do virfonnt hunn.

Wéi de Stat dat kaaft huet, huet sech dann natierlech e ganz groussen Appetit breet gemaach, fir dann do dee richteg Projet ze maachen. Wann een dat emol an der Geschicht noliest, waren d'Appetiter esou grouss, dass dat do riskéiert huet, e Mammutprojet ze ginn. An der Zwëschenzäit si mer vun deem Mammutprojet zréckkomm op e Projet mat, géif ech soen, relativ raisonnablen Dimensiounen. Gläichzäiteg - a mäi Virriedner huet dat hei ugesprach - gëtt den Housener Park ëm eng Dimensioun méi räich, nämlech déi vum Naturpark Uer. Et war deemools zwar un den Naturpark Dräilännereck geduecht ginn, awer an der Zwëschenzäit huet sech den Naturpark Uer gemaach. Déi Dimensioun kënnst dobäi. Ech menge ganz, et wier och gutt, wann do déi Synergieën optriede géifen an dat Haus och d'Haus vum Naturpark vun der Uer géif ginn.

Den Här Wohlfart huet hei bemängelt, dass dee Projet sengerzäit net an enger Phas gestëmmt ginn ass. Ech mengen, do ass en net grad éierlech virgaang. E weess ganz genau, wéi d'Situatioun deemools hei war. Déi Gemengen ëm Housen hate sech zesummegeedoen an

engem Syndicat fir eng Schoul ze bauen. Et ware véier Gemengen. De Projet vun der Schoul war an dee vum Parc Housen integréiert. De Stat ass awer mat sengem Projet net richteg virukomm. Dat war doduerch bedéngt, dass deemools och nach aner Projeten am Norden waren, déi bezuelt hu musse ginn. Dofir hunn ech deemools am Numm vun eiser Fraktioun bei de Budgetsdebatten 1992 eng Motioun déposéiert, an där mer gefrot hunn, dass de Projet an zwee gedeelt gëtt, ee Projet vun der Schoul an der Sportshall, an ee vum Centre écologique et touristique. Déi Motioun ass deemools hei an der Chamber eestëmmege ugehol ginn. Dat huet et der Regierung deemools och erlaabt - ech erënneren, dass mir deemools an der Oppositioun waren, an normalerweis mécht déi dat jo net - och mat deenen anere Projeten, virun allem de Schoulprojeten, déi mer am Éislek haten, virunzekommen an dat Joer drop Kreditter anzesetze fir dann zu Dikrech an zu Wolz virunzekommen. Dat war schonn eng raisonnabel Astellung a perséinlech bedauern ech et net. Deemools konnten d'Gemengen direkt an deem Joer ufänken ze bauen. Op d'mannst dat an d'Sporthal si fäerdeg.

De Rescht vun deem Bau soll 290 Milliounen kaschten. Wann ech dat lo richteg verstinn, ass dat nom heitege Bauindex 335 Milliounen. Ech hunn dat u sech jo scho gëschter gefrot, wou et méi schwéier ze etabliere war. De Projet ass remaniéiert ginn a kascht dofir nëmme 85 Milliounen méi deier.

Mir kënnen eis mat deem Projet hei d'accord erklären a wäerten en och stëmmen. Mir wënschen dem Housener Park vill Chance fir d'Zukunft.

Merci!

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agedroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo net och nach eng Kéier mam Historik ufänken, well ech kënnt zréckgoen op d'Joer 1968.

(Interruptions)

Ech erspueren lech dat awer an ech maachen et ganz kuerz. Ech wëll am Ufank dem Kolleeg, dem Nico Loes, merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen en lech hei de Mëtteg presentéiert huet. Bei den Debatte vum 8. Juli 1993 hat den ADR dësem Projet de loi seng Zoustëmmung ginn, mä mir hunn deemools bedauert, datt, well d'Schoul dohinner koom an doduerch sou vill Kanner do waren, keng Schwämm virgesi war. Dat war wierklech ze bedauern. Mir bedauern dat och haut nach ëmmer. Ech verstinn net firwat bei dësem Projet, wou awer sou vill Geld investéiert gouf, keng Schwämm konnt mat ageplangt ginn. Et ass eben elo leider sou!

Firwat mer haut nees eng Kéier iwwert dee Projet debattéiere mussen ass déi traureg Tatsaach, datt op en Neits eng Adaptation budgétaire muss gemaach ginn.

Dat gëtt sou lues hei zu Lëtzebuerg eng Tradition. Am Exposé des motifs gëtt erkläert, firwat dat och hei bei dësem Projet de Fall ass. Besonnesch dat lescht Argument huet mir ze denke ginn. Do gëtt behaapt, datt all Projet express mat engem klengen Budget berechent gëtt, fir ze verhënneren, datt ze vill Suen an de Projet gestach ginn. Dës Rechnung geet anscheinend ni op. Bei alle Projekte musse mir Adaptatiounen stëmmen. Dat beweist jo, datt kee sech un den initiale Budget hält, oder soll de Montant express sou kleng gehale ginn, fir de Wieler net ze weisen wéi deier d'Saach gëtt. Deen Androck kann ee kréien ...

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Wéi solle mer et da maachen? Wat ass dann Är Meenung? Solle mer dann extra héich Präisser rechnen, fir datt mer net brauche nozestëmmen oder solle mer net bei reelle Präisser bleiwen, sou wéi mer et lo maachen, mat dem Risiko, datt mer nostëmmen. Ech géif gärden Är Meenung wëssen!

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Mir hu lo nach all Kéier, bei all deene Projeten, Budget nogestëmmt. Ech sinn dofir der Meenung, datt mir anstänneg Präisser maachen an de Leit se da virleeën sollen. Mir wësse jo, datt alles an der Zwëschenzäit méi deier gëtt.

Une voix. - Loosst ech net duerchernee bréngen, Här Koepp.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Et kann een awer den Androck kréien, datt de Wieler net wësse soll, wéi deier ee Projet ass, wann een z.Bsp. liest, datt d'Wunneng fir de Concierge am éischte Projet einfach net mat ageplangt war. Dat ass awer eng Affär, déi hätt een awer kënne mat aplangen. Wuerfir ass se net mat ageplangt ginn? Ech weess zwar och de Grond, wuerfir se net mat ageplangt war, well ech aus där Géigend sinn. Do war nämlech eng Wunneng virgesi fir de Concierge, an zwar déi wou de Fierschter fréier dra gewunnt huet, mä dee Concierge, dee lo dohinnerkoom, dee konnt jo net mat där Wunneng zefridde sinn.

(Interruptions)

Och de Conseil d'Etat schénkt sou lues d'Flemm ze kréien. A sengem Avis hofft en, datt et mat dëser Adaptatioun elo endlech duergeet mat de Präisser a se och lo endlech richteg sinn. Vu dass mir awer wëllen, datt dës Projet endlech gebaut gëtt, kann ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ginn.

Et bedauert een awer, datt ëmmer rëm nei Budgete musse gestëmmt ginn. Dat ass jo awer net, wéi ee vun der Finanzkommissioun gemengt huet, der Bautekommissioun hir Schold. Mir kënnen awer als Bautekommissioun net dofir verantwortlech gemaach ginn, wann d'Präisser ëmmer méi héich ginn. Do sinn aner Saachen, déi do mat ragespillt hunn. Ech soen ech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächst Diskussionsriednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wëll et och ganz kuerz maachen an den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen. Ech wollt allerdéngs och déi Fro opwerfen iwwert deem Dépassement, dee mer hei stëmmen, wou ech e bësse Schwierigkeete mat der Logik hunn.

Mir kënnen am Text liesen, datt een Dépassement virgeleeën hätt vun 100 Milliounen, datt dunn deem heite Projet fir eng Adaptatioun gemaach ginn ass, wou versicht ginn ass, d'Coûten ze reduzéieren, sou datt mer lo nach een Dépassement vu 85 Milliounen hunn. Ech stelle mer e bëssen d'Fro, wa souwisou een Dépassement kënnt, firwat dann eigentlech deem initiale Projet net sou gemaach gëtt, wéi e virgesi war. Wa mer souwisou musse novotéieren. Iergendwou froen ech mech e bëssen, ob et net schued ass, datt mer deem architektonesche Konzept, deem am Ufank virgesi war, mat deene Rundbauten, wouvunner jo eng do steet a wann een op d'Plaz kucke geet kann een sech dovun iwwerzeegen, datt dat wierklech ganz flott ass, firwat dee Konzept lo net méi weider duerchgezu gëtt. Dat fannen ech schonn e bësse bedauerlech. Bon! Wa lo argumentéiert gëtt, dat ass ze vill eng deier Architektur. Dat wär jo awer eng Fro gewiescht, déi een direkt schonn am Ufank hätt kënne opwerfen, sou datt ech do wéi gesot e bësse Problemer hunn, fir déi Logik do nozevollzéien.

Insgesamt awer wëll ech natierlech bemierken, dass dee Projet u sech eis gutt gefält an dass mer et och ganz flott fannen, dass hei d'Gestioun vun der APEMH iwwerholl gëtt. Dat ass sécherlech ee Beispill, wou mer eis géife wënschen, datt et zu Lëtzebuerg Schoul mécht.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, och dës Kéier fänken ech u mam Merci un de Rapporteur an un d'Kommissioun vun den Travaux publics, déi an enger ganz schneller Behandlung vum Projet de loi eis et erlaabt hunn, mat den Aarbechte virunzecommen.

Et ass effektiv sou gewiescht, dass dës Projet net nëmme wat de Käschtepunkt ugeet iwwert dee virgesinnene Montant vun där éischter Versioun gaangen ass, mä datt an der Zwëschenzäit och de Konzept geännert huet. Ech muss do ganz besonnesch de Leit aus dem SYSPOLO merci soen, déi eng ganz aktiv Roll och während der éischter Phas vum Projet gespillt hunn. Ech hat do d'Éier, d'Geleeënheet an d'Chance, fir déi Schoul kënne mat anzeweien, wou ee wierklech gesinn huet, wéi och de bauleche Konzept op d'Gestaltung vum Liewen do eng Auswirkung hat. Et huet een awer och herno festgestallt, Mme Wagener, wann een do déi reell Wënsch nach hätt missten an dee Baukonzept mat rabréngen, déi an deem Moment, wou de Fonctionnement ugaangen ass nach op der Lee waren, da wär dat mam ronne Bau net méiglech gewiescht.

Un ee ronne Bau kann een näischt bäibauen. Dee kann een net vergréisseren an däers muss ee sech bewosst sinn. Vu dass mer hei schonn eng Schoul gebaut hunn, musse mer lo kucken, wéi mer mat deem zweete Projet, deen architektonesch gesinn eng vereinfacht Form ass, virukommen. Bauen ass nun emol eng Saach, wou ee sech heiansdo un de Realitéite stéisst, a fromm Wënsch a schéin Architektur um Papeier ass net ëmmer dat, wat an der Wierklechkeet da praxisbezugen ass.

Mir hätten natierlech och kënne soen, mir bauen een drëtte Rondel, dann hätte mer awer d'Diskussioun aneschtens féiere missten an et schéngt jo wéi wann awer d'Chamber, mat hirer Commission de contrôle a mat der Bautekommissioun zesummen, eng Geleeënheet fanne géif, fir déi Dépassementer do ofzewéckelen, ouni dass dat ëmmer sou eng Aart vu Reprochen a Virwërf gëtt. Wann ee vill Baitreeg zu den Debatten héiert, da kéint ee wierklech mengen, datt déi Leit am Bauteministère net rechne kënnen oder bewosst falsch rechne géifen. All Kéiers wann de Statsrot seng Bemierkung dobäischreift, hee géif dann awer hoffen, datt d'Präisser korrekt evaluéiert wieren, da liesen ech dat ëmmer e bëssen als een ongerechtferdigte Virwurf.

Et ass net esou einfach fir korrekt an de Präisser ze sinn, zemools wann et ëm ee Projet vun 1993 geet, wou Devisé vun 1993 gemaach gi sinn, déi kann een dach awer wierklech net zéng Joer dono nach gutt halen. Alleguerten déi, déi an de Gemenge mat der Praxis konfrontéiert ginn, soen och keng sou Saachen hei, well déi wësse selwer, datt et net einfach ass wann ee mat Dépassementer komme muss, mä datt et awer heiansdo net aneschtens geet. Doriwwer eraus ass den Devis vum Projet, deen hei vun der Chamber gestëmmt gëtt, och nach laang net ëmmer dee reelle Baupräis, well do komme jo dann d'Soumissiounen dotëschent a bei de Soumissiounen huet een och heiansdo ganz grouss Variatiounen, jee nodeem wéi d'Konjunktur um Baumaart ass.

Dat gesot, ass et mäi Wonsch, datt dee Projet hei vun Housen, besonnesch duerch deen Zousaz, deen e kritt huet, an déi Gestionsstruktur vun der APEMH, och am Norde fir handicapéiert Leit eng Aarbechtsméiglechkeet gëtt an domadder engem Besoin vum Norden entsprécht. Wann den Här Wohlfart hei gemengt huet, mir sollten och dee Projet kënne sou ausbauen, wéi deen nächste Projet deen haut um Ordre du jour steet, da wäert ech do ganz sécher een Alliéierte vun him sinn, well ech mengen de Besoin ass nun emol do. Mir gesinn och wéi do d'Demande an d'Luucht gaangen ass a mir si frou, datt mer lo op dës Manéier am Norden och een Angebot fir handicapéiert Leit kréien.

Alles an allem war also déi kleng Denkpaus mat deem ëmgeännerte Programm eng Chance, fir datt de Centre écologique zu Housen och eng aner Dimensioun kritt. Wat d'Bauaarbechten ugeet, do kann ech soen, dass d'Aarbechten ausgeschriwwen si fir déi al Äispist ofzerappen, sou dass d'Travaux de démolition geschwënn

ugoe wäerten. Déi richteg Bauaarbechte wäerten awer réicht am Joer 2003 ufänke kënnen, well do d'Detailpläng nach net esou wäit sinn. Ech soen och dës Kéier all deene merci déi de Projet stëmmen.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4876 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4876.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 55 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Fred Sunnen), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes), Claude Wiseler; Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 4877 iwwer zousätzlech Investissementen am Schloss vu Betten op der Mess fir d'Fondatioun APEMH.

Et sinn ageschriwwen: déi Häre Jung, Wohlfart, Schummer, Jaerling an d'Mme Wagener.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.